CSV

OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV DIPPECH /// OKTOBER 2015

/// DE COMITE VUN DER SEKTIOUN DIPPECH

1. Rei (v.l.n.r.): Patrick Gesellchen, Chantal Scharry-Back (Sekretärin), Claudine Reuter-Gilles, Benoît Theisen, Gaby Schaul-Fonk, Alain Mausen, Elvire Gilles, Alphonse Dominicy
2. Rei (v.l.n.r.): Armand Kariger (Tresorier), Carlo Neu, Jean-Paul Rischard, Hub Van Wissen, Claude Bosseler (President)

/// DIPPECH AKTUELL

EEN RISQUÉIERTEN PRÄZEDENZFALL

Virun zwee Joer hunn déi Responsabel vun der LSAP/DP Majoritéit der Exigenz vun hirem LSAP Conseiljee Philippe Meyers noginn an säin Kand aus senger Klasse eraus geholl an an d'Parallelklass bei eng aner Léierpersoun gesat.

An dësem Schouljoer huet eng ähnlech Situatioun sech erginn. Obschonn d'Inspektesch en negativen Avis ofginn huet, ass och do d'Kand aus senger Klasse eraus geholl ginn an bei eng aner Léierpersoun an d'Parallelklass gesat ginn, an dat duerch de Prezedenzfall vun virun 2 Joer. Dann ass et also elo esou datt d'Elteren fräi kennen de Schoulmeeschter vun enger vun den Klassen vum selwechte Schouljoer wielen, andeems se eng Motivatioun uginn, wat net esou schwéier misst sinn ! Wat gëtt dat en Duercherneen an onméiglech Situatiounen. Dat ass onverantwortlech!

Doriwwer eraus huet déi Entscheedung de gudde Relatiounen tëschent der Gemeng an dem Schoulpersonal geschuet. Leidtragend sinn d'Kanner!

UN PRÉCÉDENT RISQUÉ

Il y a deux ans, dans le cadre de l'organisation scolaire, les responsables de la majorité LSAP/DP avaient donné une suite favorable à l'exigence de Monsieur Philippe Meyers, membre du conseil communal LSAP, de déplacer son enfant dans la classe parallèle, donc de changer d'enseignant.

Pour l'année scolaire en cours, une situation similaire s'est présentée. Malgré l'avis négatif de l'inspectrice de l'école, là aussi, l'enfant a été placé dans la classe parallèle et cela en vertu du précédent établi. Nous en déduisons que tous les parents pourront à l'avenir choisir librement l'enseignant dans l'année scolaire de leur enfant, en motivant leur choix, ce qui ne devrait pas être difficile. Quelle pagaille en perspective ! Quelle politique irresponsable!

En outre, pour cette raison, actuellement les bonnes relations entre l'autorité communale et les enseignants se trouvent gravement compromises, ce qui nuit finalement aux intérêts des enfants.

AGENDA >>> SÄIT 4

DAT NEIT LOTISSEMENT BEI DER KIERCH ZU SCHULLER

CSV Oppositioun am Gemengerot hat déi aktuell Majoritéit gewarnt d'Stroosebauaarbechten an de Bau vun Haiser am Lotissement tëschent der Schuller Kierch an der Rue Tajel net unzefänken bis all Tauschkontrakter ënnerschriwwe wären. Wéi gewinnt, lauschtert d'Majoritéit net op d'CSV Oppositioun, an d'Gemeng ass voll op d'Nues gaangen. No allméiglechen Tentativen d'Fehler geriicht ze kréien an mat vill Chance kennt d'Gemeng wahrscheinlech aus der heikler Situatioun eraus.

NOUVEAU LOTISSEMENT PRÈS DE L'ÉGLISE À SCHOUWEILER

Au conseil communal, l'opposition CSV avait averti l'actuelle majorité de ne pas laisser débuter les travaux des infrastructures et de la construction de nouvelles maisons dans le lotissement entre l'église de Schouweiler et la rue Tajel, sans que tous les accords entre propriétaires soient conclus. Comme toujours, l'avis de l'opposition a été ignoré et la commune s'est retrouvée dans un sale pétrin. Après pas mal de sueurs froides, bien des tentatives de recoller les morceaux cassés et avec beaucoup de chance, la commune s'en sortira probablement sans trop de dégâts.

/// WUNNENGSBAU

PAG

Am Gemengerot vum 24.01.2012 gouf den neien Pag provisoresch gestëmmt. Den Max Hahn huet nach beim Vote am Numm vum Schäfferot versprach dass en innerhalb vu 2 Joer iwwerschafft géif ginn. 3 Joer dono ass nach ëmmer näicht geschitt.(Vote definitiv 13.4.2012)

Leit déi op enger sougenannter Baulück eng Baugenehmegung ufroen si gezwongen en PAP ze maachen. Des Prozedur verlängert den Delai fir ze bauen em ongeféier 3 Joer, ausserdeem verdeiert déi Prozedur e Bauprojet em mindestens 15000 €!

Wann dat de Wee ass wéi mir eis Bierger am Wunnengsbau ënnerstëtzen, ass et nëmmen normal dass Baulücken net genotzt ginn.

Le 24.01.2012, le conseil communal a voté provisoirement le nouveau PAG. Lors de cette réunion, Max Hahn a promis au nom du collège échevinal de retravailler ce plan et de le représenter au vote dans les deux ans. Cette promesse n'a pas été tenue jusqu'à ce jour, soit plus de trois ans plus tard. (le vote définitif a eu lieu le 13.04.2012)

Sans ce remaniement du PAG, les citoyens qui désirent faire construire sur des terrains libres dans le périmètre de construction sont contraints de présenter un plan d'aménagement particulier, ce qui rallonge le délai avant de pouvoir débuter des travaux, de 3 ans. Les frais pour cette procédure s'élèvent à au moins 15.000 €!

Est-ce la façon choisie par le collège échevinal pour soutenir la construction d'habitations dans notre commune? Nous comprenons que les places à bâtir disponibles ne soient pas valorisées!

/// EIS LEIT AM GEMENGEROT

MIR STINN IECH GÄREN FIR FROEN AN UREEGUNGEN ZUR VERFÜGUNG

CLAUDE BOSSELER

ARMAND KARIGER

CARLO NEU

BENOÎT THEISEN

DEM MONIQUE GENTILINI-SCHAEDGEN E GROUSSE MERCI
MERCI À MONIQUE GENTILINI-SCHAEDGEN

D'Monique Gentilini-Schaedgen war zënter 2004 Sekretärin vun der Dippecher CSV-Sektioun. Esou wéi hatt et virun enger gewëssener Zäit schonn ugekënnegt hat, huet et net méi op der Generalversammlung kandidéiert an dat aus perséinleche Grënn. D'Monique huet déi ganz vill Aarbecht perfekt all déi Zäit gemaach an war och eng excellent Coordinatrice. Mir soen dem Monique vun häerze Merci fir déi ganz vill Benevol Aarbecht, an der gudder Laun déi et fir eis Sektioun an fir d'Partei gemaach huet.

Monique Gentilini-Schaedgen a rempli la fonction de secrétaire du CSV-Dippach depuis 2004. Comme annoncé depuis un certain temps, elle ne s'est plus représentée pour un renouvellement du mandat, pour des raisons personnelles, lors de la dernière assemblée générale de notre association. Monique a effectué un travail énorme en toutes ces années, tout en étant une excellente coordinatrice. Nous remercions Monique de tout cœur pour tout le travail réalisé à titre bénévole pour la section locale et le parti en général.

D'EVOLUTIOUN VUN DER ZUEL KANNER AN DER SCHOUL
L'ÉVOLUTION DU NOMBRE D'ÉLÈVES À L'ÉCOLE

Virun de läschte Gemengewalen (2011) hunn déi 2 Parteien vun der aktueller Majoritéit, d'CSV ridiculiséiert, se géingen d'Evolutioun vun der Zuel Kanner an der Schoul net richteg aschätzen. Se hunn behaapt déi Zuel géing an Zukunft staark klammen.

Am klengen Tableau hei niewendrun, fann Dir déi offiziell Zifferen esou wéi se an der Schoulorganisatioun vum Gemengerot gestëmmt goufen an vum Minister approuvéiert gi sinn.

Déi aktuell Zifferen vun dem Cycle 1 (Spillschoul) deiten net drop hinn datt an nächster Zukunft d'Zuel Schüler unzitt. Déi falsch Duerstellung vun den Zuelen déi di aktuell Majoritéit virun de Walen gemaach huet war jo dann fir d'Wieler ir ze féieren oder hunn se et net besser gewosst?

Lors de la dernière campagne électorale des élections communales (2011), les partis de l'actuelle majorité faisaient campagne en ridiculisant la majorité CSV de sous-estimer la progression du nombre d'élèves à l'école fondamentale. Ils prédisaient une augmentation importante des effectifs pour les années à venir.

Voici, dans le tableau ci-contre, les chiffres officiels tels qu'ils ressortent de l'organisation scolaire votée par le conseil communal et approuvée par l'autorité supérieure.

Le nombre d'élèves qui fréquentent le cycle 1 (préscolaire) actuellement ne laisse pas prévoir une augmentation sensible des élèves pour les années à venir. Cette fausse présentation des données lors de la dernière campagne électorale par les partis de l'actuelle majorité relevait donc de la duperie ou était-ce de l'ignorance.

Schouljoër Année scolaire	Zuel Schüler nombre d'élèves
2009/2010	313
2010/2011	318
2011/2012	318
2012/2013	328
2013/2014	312
2014/2015	294
2015/2016	299

** (éducation précoce comprise - mamm Précoce)*

NEI MEMBEREN AM KOMITEE VUN DER CSV-DIPPECH
LES NOUVEAUX MEMBRES DU COMITÉ DE LA SECTION DIPPACH

An eiser leschter Generalversammlung goufen zwee nei Comitésmemberen gewielt. Et sinn dëst Mme. Chantal Scharry-Back (nei Sekretärin) an den Här Andrea Moro. Mir presentéiren Iech hei di zwee an och hir Motivatioun:

Lors de notre dernière assemblée générale, deux nouveaux membres ont été élus au comité. Il s'agit de Mme. Chantal SCHARRY-BACK (nouvelle secrétaire) et de M. Andrea MORO. Nous vous présentons ci-après les deux nouveaux :

CHANTAL SCHARRY-BACK

Alter / âge: 46 Joër / ans
Etat civil: bestued /mariée
Résidence: Sprinkange
Beruff / Profession: conseiller financier

D'Chantal huet de Posten vum Secrétaire iwwerholl an ass zënter 1999 Member vun der CSV. Deemools huet de Charisma an d'Kompetenz vum Jean-Claude Juncker säin politescht Interesse aktivéiert.

Nodeems di nei Gambia Regierung do ass wollt d'Chantal sech nach méi engagéieren well et héich Zäit gëtt fir ze handelen….

Chantal a repris le poste de secrétaire de notre section, elle est membre CSV depuis 1999. A cette époque le charisme et la compétence de Jean-Claude Juncker ont suscités son intérêt politique.

Depuis le constitution du gouvernement Gambia, elle a décidé de s'investir activement, car il faut agir…

Als Student an der Politikwëssenschaft, spiren ech mech ugezunn vun enger Vollekspartei, déi Bierger aus allen Schichten vun der Bevëlkerung an enger eenzeger Partei regroupéiert. Obschonn, d'Memberen an Sympathisanten verschidden eenzel Interessen hunn, bréngt d'CSV et duerch seng Ideologie fäerdeg ëmmer e Kompromëss ze fannen.

Eng Partei ouni Ideologie, déi hir Positiounen nom Moud vum Moment changéiert interesséiert mech net. D'CSV ass do anescht an baséiert sech op zolitt Grondwäerter déi sech an der Vergaangenheet bewärt hunn.

D'CSV ass an der voller Erneierung, mam Wëllen neie Wand eran ze bréngen, mat vill neien Iddiën. Duerch mäin Engagement an der CSV wëll ech dozou bäidroen.

En tant qu'étudiant en sciences politiques, je suis attiré par les avantages d'un parti populaire, qui regroupe des citoyens de toutes les couches sociales au sein d'un même mouvement. Malgré des intérêts particuliers qui sont parfois assez divergents, le CSV, grâce à son idéologie, arrive toujours à un compromis respectant au mieux les intérêts de chacun.

D'autre part, un parti politique qui n'a aucune idéologie et qui change ses positions en fonction de la mode du moment ne m'intéresserait pas. Le CSV a ainsi le grand avantage de se fonder sur des principes solides qui ont fait leurs preuves.

Le CSV se trouve actuellement en plein renouvellement avec un désir profond de se rajeunir, d'avoir de nouvelles idées et je pense pouvoir y contribuer par mon engagement.

ANDREA MORO

Alter / âge : 21 ans
État civil : célibataire
Résidence : Dippach
Beruff / Profession : Etudiant en sciences politiques

/// CSV AGENDA

8 JANUAR 2016 /// 19H30
NEIJOERSPATT / POT DE NOUVEL AN
Centre Culturel à Dippach

26 FEBRUAR 2016 /// 19H30
ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Centre Culturel Norbert Sassel (Bettange)

10 ABRËLL 2016 /// 11H00
FRÉIJOHRSFEST/FÊTE DE PRINTEMPS
Centre Culturel Dippach

www dippach.csv.lu

@ dippach@csv.lu

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Dippech